LU

GEMENGEROT
VUM 21. OKTOBER 2022

Present: De Buergermeeschter, Félix Eischen (CSV), d'Schäffen, Marc Bissen (LSAP) a Romain Kockelmann (CSV), d'Gemengeconseilleren, Larry Bonifas (déi gréng), Guy Breden (CSV), Nathalie Heintz (LSAP), Natacha Koch (CSV), Patrick Krecké (DP), Claudine Meyer (LSAP) an André Noesen (déi gréng) ; de Gemengesekretär, Marco Haas

Entschëllegt: Guy Kohnen (CSV)

Ufank vun der Sëtzung: 08.30 Auer

All Punkte vum Ordre du Jour goufen eestëmmeg ugeholl (Mat Ausnamvun de Punkte 4.1, 4.2, 5, 6, 7, 8.1, 8.2, 9, 15).

Virun der Sëtzung huet de Buergermeeschter Felix Eischen (CSV) déi nei Gemengeconseillère Natacha Koch (CSV) vereedegt.

GESCHLOSSE SËTZUNG

1. Gemengeverwaltung Kielen – Sekretariat – Ernennung vun engem Gemengebeamte B1

De Gemengerot ernennt e Gemengebeamten an der Carrière B1 fir d'Gemengesekretariat.

Presentatioun vun den Erklärungen zum Rapport iwwer d'Iwwerpréiwung vun de Gemengekonten 2020.

De Buergermeeschter Felix Eischen (CSV) informéiert de Gemengerot iwwer de Rapport zur Iwwerpréiwung vun de Gemengekonten aus dem Joer 2020.

ËFFENTLECH SËTZUNG

MATDEELUNGEN

D'Conseillère Nathalie Heintz (LSAP) geet op d'Presentatioun vum neie SICA-Gebai an (Syndicat Intercommunal pour l'Hygiène Publique du Canton de Capellen) dat vun 2024 bis 2027 soll fir 29 Mio. € gebaut ginn, woubäi wärend der éischter Phas vun zwee Joer nëmmen d'Hallschent vun der Surface zur Verfügung steet.

Weider informéiert si iwwer eng Entrevue vun der Verkéierskommissioun zesumme mam Schäfferot am Verkéiersministère, fir iwwer de Plan National de la Mobilité 2035 ze diskutéieren, woubäi si hir Doleance virbruecht an drop higewisen hunn, datt den Trafic zu Kielen däitlech misst ofhuele fir d'Liewensqualitéit an allen Uertschaften ze verbesseren. Och hunn si drop higewisen datt an dëser Legislaturperiod nees näischt geschitt ass, wourop de Ministère festgehalen huet, datt am Mobilitéitsplang 2035 vermierkt wier, datt Kielen net nach méi belaascht ginn dierft a si wéilten och heihi kommen, fir d'Problemer ze erklären an ze soen, wéi et weidergeet. Dat soll de 27. Februar 2023 an der Hal MUKEME zu Keespelt sinn, wou awer nëmmen iwwer de Contournement, d'Stéchstrooss an d'Transitschëld soll geschwat ginn. Als Succès verbucht d'Conseillère, datt elo e Mesurëkatalog besteet, wou ee kann 30er a 50er Zone verkéiersberouegen, wourop de Schäfferot Bureaux d'études beoptragt huet, fir ze kucken, wat deemno an eisen Uertschafte méiglech ass, woubäi d'Verkéierskommissioun natierlech gär bereet ass, matzehëllefen.

D'Conseillère Claudine Meyer (LSAP) informéiert datt mat de Gemengsubside vun de leschten zwee Joer Geräter fir déi ronn 85 Kanner déi an der LASEP ageschriwwe sinn, ugeschaaft gi sinn an deemnächst geliwwert ginn. Si hätt awer mat de Portieren aus der Hal ofgemaach, datt dëst Material och vun de Schoulkanner an der Maison Relais ka genotzt ginn, mee si sollten oppassen, datt nees alles op seng Plaz zréckkënnt.

De Schäffe Romain Kockelmann (CSV) begréisst déi nei Conseillère an informéiert iwwer d'Situatioun bei der neier Kläranlag, wou säit dem éischte Spuedestéch vill geschitt ass, just net um Terrain, wou d'Entreprise d'Soumissioun fir 4 Mio. € krut, dunn awer net mat den Aarbechten ugefaangen huet, schliisslech aus dem Kontrakt entlooss gouf, sou datt de Wee fir eng nei Ausschreiwung op ass, wat awer bedeit, datt duerno d'Aarbechte fréistens am Mäerz 2023 ufänke kënnen an de SIDERO d'Avancen zréckfreet a Schuedenersatz fuerdert.

De Conseiller Guy Breden (CSV) kënnt nach eng Kéier op d'Situatioun an den dräi Aarbechtsgruppe beim Gemengesyndikat SIGI zréck, déi sech iwwer d'Finanzen, d'Personalsituatioun an d'Relatioun mat de Gemengen informéieren, a wou virun e puer Wochen eng mouvementéiert Entrevue mat Vertrieder vun de Schäfferéit war.

De Buergermeeschter Felix Eischen (CSV) stellt dräi nei Gemengemataarbechter vir, d'Mme Isabelle Lanners, d'Häre Laurent Coos a Jean-Marc Derigat. Da weist hien drop hin, datt de Projet fir den Amenagement du territoire PDAT2023 disponibel ass, an d'Gemenge véier Méint Zäit hunn, fir heiriwwer en Avis ofzeginn.

An enger Aarbechtsgrupp iwwer Energiespuermesuren ass festgehale ginn, datt d'Locataire vu Gemengesäll sensibiliséiert solle ginn, fir Energie ze spueren. Duerfir sollen och Zentralschalter agebaut ginn, fir alles zesummen ausschalten ze kënnen. An de Klassesäll gëtt d'Temperatur op 20 Grad erofgesat, an de Sportshalen op 18 an an de Kierchen op 16 Grad. De Panneau d'affichage gëtt nëmme vu 7 bis 20 Auer ugewisen, bei den Haaptgebaier gëtt d'Beliichtung Nuets ausgeschalt, net awer d'ëffentlech Beliichtung, well soss och d'Foussgängersträifen net méi beliicht wieren. D'Chrëschtbeliichtung gëtt op d'Haaptplaze limitéiert, mee bei Fester wéi Kiermes oder Chrëschtmaart bleift et wéi gewinnt.

De Schäffe Marc Bissen (LSAP) informéiert iwwer d'Diskussiounen am Klimateam wou d'Populatioun iwwer eng Broschür soll sensibiliséiert ginn, grad ewéi och aner Acteuren an der Gemeng wéi Maison Relais, Schoul oder Club Senior. Weider weist hien drop hin, datt nach Potential fir d'Installatioun vu Solaranlagen op de Gemengen-Diecher do ass, an datt fir d'nächst Joer hei verschidde Gebaier heifir virgesi sinn. Hien erënnert un de Filmowend zum Thema Klimawandel a weist op verschidden Iwwerschneidunge vun Naturpakt a Klimaberoder hin, déi sech hei misste konzertéieren.

2. Virrangstabell vum Gemengerot

De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV), No der Demissioun vum Conseiller Lucien Koch huet d'Virrangstabell vum Gemengerot, déi d'Anciennetéit vun de Conseilleren am Gemengerot festhält, geännert a presentéiert sech elo esou : 1. Guy Kohnen, 2. Marc Bissen, 3. Felix Eischen, 4. Romain Kockelmann, 5. Larry Bonifas, 6. Nathalie Heintz, 7. Guy Breden, 8. André Noesen, 9. Patrick Krecké, 10. Claudine Meyer, 11. Natacha Koch.

3. Gestioun vun de Gemengebëscher vu Kielen fir d'Joer 2023

De Gestiounsplang vu 470 Hektar Bëscher vun der Gemeng Kielen gesäit fir 2023 Investitioune vun 296.000 € vir, bei Recettë vun 98.000 €, wat en Defizit vun 198.000 € ausmécht. De Fieschter Daniel Steichen geet op déi eenzel Aarbechten an, ugefaange beim Ofséchere vun de Weeër, dem Haen vun de Beem an d'Bereetstelle vu Brennholz, dann op d'Aarbechten am Beräich Naturschutz, d'Sensibiliséierungsaktiounen an d'Ausweise vu Rettungspunkten zesumme mam CGDIS an d'Personalkäschten, grad eréi och op de Borkenkäfer, d'Ëmwandlung vun de Bëscher am Kader vum Klimawandel asw.

4. Gemeinsame Sozialbüro Mamer

Bei der turnusgeméisser Erneierung vum Verwaltungsrot vum gemeinsame Sozialbüro Mamer, un deen d'Gemeng Kielen ugeschloss ass, ginn déi austriedend Memberen Guy Kohnen a Marc Mathekowitsch eenzel a geheimer Ofstëmmung fir e weidert Mandat erëmgewielt.

5. COPIL – Comité de Pilotage Natura 2000 Mamer-Äischdall-Gréngewald – Ernennung vun engem Vertrieder vun der Gemeng Kielen

Als Vertrieder vun der Gemeng Kielen am Comité de Pilotage Natura 2000 Mamer-Äischdall-Gréngewald gëtt d'Natacha Koch ernannt.

6. SICA – Syndicat Intercommunal pour l'hygiène publique du Canton de Capellen – Ernennung vun engem Gemengendelegéierten

Am Syndicat Intercommunal pour l'hygiène publique du Canton de Capellen ersetzt de Guy Kohnen de Lucien Koch als stellvertriedende Gemengendelegéierten.

7. SICEC – Syndicat Intercommunal pour l'Exploitation d'un Crématoire – Ernennung vun engem Gemengendelegéierten

De Guy Kohnen ersetzt de Lucien Koch als effektive Gemengendelegéierten am Syndicat Intercommunal pour l'Exploitation d'un Crématoire.

8. SIDOR – Syndicat Intercommunal pour la gestion des Déchets en provenance des ménages et des déchets assimilables des communes des cantons de Luxembourg, d'Esch et de Capellen – Demissioun an Ernennung vun engem Gemengendelegéierten

De Conseiller Guy Kohnen demissionéiert am Syndicat Intercommunal pour la gestion des Déchets en provenance des ménages et des déchets assimilables des communes des cantons de Luxembourg, d'Esch et de Capellen a gëtt ersat duerch d'Conseillère Natacha Koch.

9. Klima-Bündnis Lëtzebuerg – Ernennung vun engem Gemengendelegéierten

Als Gemengedelegéiert ersetzt d'Conseillère Natacha Koch den demissionäre Conseiller Lucien Koch am Klima-Bündnis Lëtzebuerg.

10. Berodend Gemenge-Jugendkommissioun

Nodeems d'Demissioun vum Mathis Kieffer an der berodender Jugendkommissioun ugeholl ginn ass, gëtt d'Jessica Greisch als Member an dëser Kommissioun ernannt.

11. Gemengekonten 2020 vum Receveur a vum Schäfferot

D'Gemengekonten 2020 vum Receveur a vum Schäfferot, déi virdrun an enger net-ëffentlecher Sëtzung virgestallt an diskutéiert gi sinn, ginn eestëmmeg ugeholl.

12. Reglement iwwer d'Aféiere vun enger Entschiedegungstax beim Verléieren vu Schlësselen a Schlässer

Wéinst textlechen Ännerunge bei den Entschiedegunge beim Verléieren vu Schlësselen a Schlässer vu Gemengesäll bleiwen déi bei 10 € fir elektronesch Schlësselen, 30 € fir metalle Schlësselen a 650 € fir Schlässer.

13. Notariell Akten, Verkaafsverspriechen a Kontrakter

13.1. Loyerskontrakt fir e Gebai zu Ollem

D'Gemeng Kielen verlount d'Kapell zu Ollem fir e Loyer vu 500 € de Mount.

13.2. Notariellen Akt iwwer den Austausch vu Parzellen zu Kielen an der Rue de Schoenberg

D'Gemeng Kielen tauscht en Terrain vun 0,01 Ar an der Rue de Schoenberg zu Kielen mat der Kadasternummer 1903/7402 géint en Terrain vun 0,01 Ar an der selwechter Strooss mat der Kadasternummer 1904/7405.

13.3. Notariellen Akt iwwer den Austausch vu Parzellen zu Kielen an der Rue du Cimetière

Bei engem weideren Austausch vu Parzelle kritt d'Gemeng Kielen en Terrain vun 0,06 Ar mat der Kadasternummer 2043/7483 an der Rue du Cimetière zu Kielen an tauscht duergéingt eng Parzell vun 0,02 Ar mat der Kadasternummer 2043/7482 och an der Rue du Cimetière.

13.4. Notariellen Akt fir d'Uschafe vu Parzellen zu Kielen an der Rue Brameschhaff an an der Rue de Mamer

Mat engem notariellen Akt keeft d'Gemeng Kielen en Terrain vun 0,71 Ar mat der Kadasternummer 2234/7491 an der Rue Brameschhof an en Terrain vun 0,20 Ar mat der Kadasternummer 2234/7493 an der Rue de Mamer.

14. Lotissement vun engem Terrain an der Rue de Kehlen zu Keespelt

En Terrain an der Rue de Kehlen zu Keespelt soll an dräi Parzelle vun 1,09, 1,40 an 1,52 Ar opgedeelt ginn.

15. Avis iwwer d'Propositioun fir e Gebai zu Nouspelt als nationaalt Monument ze klasséieren

Op Virschlag vum Kulturministère soll dee ronn 250 Joer ale Bauerenhaff "An Even" an der Rue du Cimetière zu Nouspelt als kulturelle Patrimoine klasséiert ginn. Den Gemengerot stëmmt dëser Propositioun mat 9 Stëmme géint 1 Stëmm (déi gréng) zou.

16. Verschidde Subsiden

12 verschidden Associatioune kréien e Subsid vu jeeweils 125 €.

17. Confirmatioun vu verschiddenen dréngende Verkéiersreglementer vum Schäfferot

Fënnef dréngend Verkéiersreglementer vum Schäfferot ginn nodréiglech confirméiert, an zwar an der Rue d'Olm zu Nouspelt vum 26. September bis 5. Oktober; an der Rue de Kopstal (CR 103) zu Kielen vum 3. Oktober bis 21. Oktober; an der Rue de Keispelt (CR 102) zu Kielen vum 10. Oktober bis 16. Dezember; an der Rue d'Olm zu Nouspelt vum 10. Oktober bis 21. Oktober an an der Rue Belle-Vue zu Kielen vum 13. Oktober bis 31. Oktober.